## 13.01.1987 Entrevue Greeff op der Dresch

Invitéiert hate mer d'Fachleit, d'Scheffe vun der Gemeng Lucien Wies a Weicker Arsène, den Här Paschtouer Walin vun Elléng an den Här Serge Weis, Steenhaer a Vertrieder vum Här Calteux.

Et gouf e ganz interessanten Owend, wou d'Fachleit eis ganz vill Neies gesot hunn, wou mir eis och eens gemat hunn, iwwert d'weidert Virgoen an der Greeff-Affaire op der Dresch.

Den Här Wies vermëttelt eis de Steen, den Här Walin informéiert sech iwwert d'Moulagen am Musée.

E Projet, ausgeschafft vum Här Weis an approuwéiert vum Här Calteux gët ugeholl a soll ausgefouert ginn.

Mir versichen och, eis nach aner Konschtwierker vun de Kënschtler Greeff ze verschafen.

D'Gemeng an de Ministère ënnerstëtzen déi Entreprise finanziell.

---

## 15. 03.1987 Réunioun Actioun Greeff

D'Schäre Scheffen Wies a Weicker, den Här Paschtouer Walin an den Här Serge Weis hunn sech nach eng Kéier mat eis zesummegesat, fir de Projet Greeff-Kräiz ze bespriechen.

---

## 08.09.1987 : Réunioun Greeff

Réunioun am Keller vun der Schoul mat den Häre Scheffen Weicker Arsène a Wies Lucien an dem Här Lé Tanson, President vun der Kulturkommissioun vun der Gemeng.

Festgeluegt ginn déi verschidden Détailer fir d'Aweihung vum neie Greeff-Kräiz (Invitatiounen, Éirewäin, Programm). Vum Comité vun de Wiisser Leit sinn do de President, de Sekretär an de Caissier.

Ofschloss op der Dresch mat Besichtigung vum Greeff-Kräiz.

## 21.10.1987 – 06.10.1987 - 08.10.1987 : Wahlversammlungen

An deenen 3 Wahlversammlungen ware mir präsent. Verschidde Membre vum Comité waren als Nolauschterer do, a mir hunn et och als eis Pflicht ugesinn, deene verschiddene Kandidaten Froen iwwert eis Problemer an iwwert hier Plangen zu Wis ze stellen.

---

## 07.10.1987 : Rendez-vous am Ministère des Transports et des Travaux publics

Fir 10 Auer war de Rendez-vous fixéiert ginn. Derbäi waren och déi zwee Scheffe vun der Gemeng. Vum Ministère waren ugetrueden d'Hären Rolles, Watgen an Hansen. Fir e kuerzen Optrëtt war och den Här Minister erschéngen (hien huet eist Marlène esou guer zweemol emärbelt, ob dat och zu de ministerielle Pflichte gehéiert ?).

Erklärt krute mer d'Virstellunge vum Ministère iwwert d'Fëlschdrëfferstrooss, mir dergéint hunn eis Wënsch viredroen. Begréisst gouf allgemeng d'Zustankomme vun der Réunioun. Si soll op kee Fall déi lescht sinn.

Wann d'Gemeng esou wäit ass mat hire Plangen an Devisën, soll am März 1988 mat den Aarbechten ugefaang ginn.

---

## Oktober – November 1987 : Duerfkäer

Am Comité vum 19. Oktober gouf eng Kommissioun zesummegesat, fir praktesch Virschléi auszeschaffen fir den neien Duerfkäer (Hermes Patrick, Renckens Jean-Paul, Steichen Diane, Zepp Gilbert).

Schonn den 20. Oktober war dat éischt Treffen op der Plaz. Bei deer Gelgenheet koum et och zu verschiddene Kontakter mat de Leit, déironderëm wunnen.

Den 29. Oktober goufen déi éischt Ideeën mam Expert Jean-Claude Hengen op der Plaz beschwat.

En definitiven Avant-Projet gouf dann de 26. November (och mam Jean-Claude Hengen) festgeluegt an den 30. November am Comité virgestallt.

Mir sinn elo prett, fir mat deenen zoustännegen Autoritéiten en definitive Projet auszeschaffen.

Eng weider Etapp : den 8. Dezember war e Rendez-vous mam Här Calteux.

---

## 08.12.01987 : Rendez-vous Calteux

Véier Vertrieder vum Comité ënnerhalen sech mam Här Georges Calteux vum Service des Sites et Monuments iwwert eis Plangen zum neien Duerfkäer. Hie versprécht eis seng Ënnerstëtzung (finanziell a praktesch – Architekt) an Zesummenaarbecht mat der Gemeng an de Ponts et Chaussées.

---